

## Schäfferotserklärung 2017-2023

### Stellungnam vum Edmée Besch-Glangé, déi gréng

Här Buergermeeschter,

Madamm,

Dir Hären,

Mamer huet den 8ten Oktober gewielt! Déi gréng sinn erëm vun de Bierger gestärkt ginn.

Déi gréng hunn 3,1% par Rapport zu deene leschte Wahlen zougeluecht a sinn elo mat 26,21% déi zweetstärkst Partei an eiser Gemeng.

Déi gréng kruten 2.448 Stëmme méi ewéi d'LSAP déi elo erëm am Schäfferot ass.

Mir bedauern, dass mir net emol zu engem Sondéierungsgespréich invitéiert goufen, no eisem gudde Resultat. D'CSV huet den einfache Wee gesicht. An alles bleift beim Alen.

Dat ass net ëmmer gutt. Et muss och heiansdo geléft ginn a frësche Wand era kommen. An dat wär mat eis bestëmmt geschitt.

Ob d'Chimie tèschent de Leit am Schäfferot an an der Majoritéit ëmmer esou gutt fonctionnéiert, dat wäerte mir an deenen nächste Jore gesinn. Vun eiser Säit aus wënsche mir dat op jiddefalls.

Als Delegéiert vun der Chancëgläichheet bedauern ech, dass erëm keng eenzeg Fra vun deenen dräi anere Parteien et geschafft huet fir an de Gemengerot gewielt ze ginn. Villäicht kënn jo an deenen nächste Joren do e Changement.

Am Schäfferotsprogramm, do sti ganz vill positiv Projeten dran, Projeten déi een och an eisem Wahlprogramm erëm fënnt.

Ech huelen net zu all Projet Stellung. Ech hu mir der e puer eraus gepickt:

- D'Konzept vu Mamer TV wëll dir iwwerschaffen. *Déi gréng* sinn dofir, dass d'Reportagen haaptsächlech Ausschnëtter vun den Aktivitéite vun de Mamer Veräiner weise sollen, sief dat vu sportlechen oder kulturellen Aktivitéiten.
- *Déi gréng* si fir eng Direkt-Iwwerdroung vun de Gemengerotssëtzunge per „Livestream“.
- De Bericht vun de Gemengerotssëtzunge soll méi objektiv sinn a vun engem vereedegte Gemengebeamte geschriwwe ginn.
- All Partei soll d'Méiglechkeet kréie fir hir Stellung zu verschiddene Projeten am Gemengebuet duer ze stellen.
- De Joreskalenner vun de Gemengerotssëtzunge soll erëm agefouert ginn.
- Mir froe fir eng systematesch Biergerbedeelegung bei gréisseren (Bau-) Projete vun der Gemeng.
- Bei deene véier zousätzleche Verrieder an de Kommissiounen solle Leit gewielt ginn - wann et méiglech ass - déi e Besuch zum Sujet hunn oder Fachleit si fir déi betreffend Kommissioun.
- D'Avise vun de Kommissiounen sollen am Gemengebuet publizéiert ginn.
- Am Lotissement „Wéltgesbond“, wou 162 verbëllegt Wunnenge gebaut solle ginn, vergiesst net do dee versprachene Gemeinschaftsgaart ze integréieren.
- D'Uschafe vun Elektrovëloer gesi mir net als sënnavoll. E Projet deen nëmme vill Sue kascht an net vill bréngt! D'Gemeng huet jo d'Erfaahrung gemaach mat deenen normale Vëloen. Wéi oft ginn déi benotzt? A wann een se benotze wollt, da war ëmmer iergendeppes futti drun.
- Déi Bierger, déi hei an eiser Gemeng Vëlo fueren, déi hunn hiren eegenen. Wat méi wichteg wär, dat ass op de Garen zu Mamer an op der Cap mBoxen hin ze stellen. Do kann de Cyclist da säi Vëlo sécher ofstelle wann en den öffentlechen Transport benotzt.

- *Déi gréng* begréissen d'Aféierung vun engem Energiespuerpräis fir Privatleit. Mir sinn awer der Meenung, dass d'Gemeng och selwer muss mat maache beim Energie spueren.
- D'Lärmschutzreglement vun der Gemeng soll iwwerschafft ginn. *déi gréng* froen zousätzlech e Lärm- a Schadstoffkadaster. An dass reegelméisseg Miessunge vun den Immissiounen duerchgeféiert ginn.
- *Déi gréng* sinn net géint de Bau vun der "Schoul vun der 2ter Chance", mee awer net op eisem Territoire. Well mat dem Lycée an der Europaschoul sinn eis Stroossen scho genuch iwwerlaascht, haaptsächlech zu verschiddene Spëttestonnen.
- *Déi gréng* begréissen, dass de Veräiner e mobile Gedrénksstand zur Verfügung gestallt gëtt, well dat e grouse Käschtepunkt fir si ass. Dat selwecht kann ee maache fir d'Garnituren (Dëscher a Bänken), déi d'Veräiner loune könnte bei der Gemeng zu engem méi bëllege Präis ewéi beim Depositaire.
- Fir Offall ze vermeiden, do soll d'Gemeng op de Wee goe fir Gobeleten a Glierer, déi een erëm weider benotze kann, un d'Veräiner ze verlounen. (D'Gemeng Käerjeng huet esou e Projet ëmgesat. Dat huet sech bewäert a kënnt der Ëmwelt zegutt.)
- *Déi gréng* vermessen e Projet vun enger regionaler Schwämm, einfach a funktionell, fir eis Schoulkanner, Veräiner an all aner Bierger.
- *Déi gréng* si géint d'Iwwerdecke vum Haff vum Mamer Schlass. Mir gesinn net firwat dat gutt soll sinn, ausser dass et e grouse Käschtepunkt ass. Esou en Daach zerstéiert de ganze Charme vum Schlass.
- *Déi gréng* begréissen, dass d'Haustechnik vum Holzemer Festsall moderniséiert gëtt, well déi Heizung a Klimaanlage huet vun Ufank un nach ni richteg fonctionnéiert. D'Kichen am Sous-sol misst awer och erneiert ginn, well déi entsprécht wierklech net méi den Normen déi haut erfëllt mussen ginn. Dës Kiche stoung schonns virun 2000 während Joren an der Schoul zu Holzemer a gouf dono an de Festsall integréiert. Dës Kichen ass an deene leschte Jore vill benotzt gi fir Kachkursen ofzehalen.

· Um Gemengenterrain nieft dem Kierfecht zu Holzem, do wëll dir eng Stockage-Hal fir d'Veräiner opriichten. Firwat fir eng Veräiner soll dat sinn? D'Flëntermis wëlle jiddefalls hir Plaz am Keller vum Festsall behalen. Do kann een sech d'Fro stellen, ob et net besser wär fir de Keller hannert dem Festsall auszubauen.

· *Déi gréng* vermessen an ärer Schäfferotserklärung e ganz wichtege Projet: e Service un Hëllef fir déi eeler Leit oder Leit déi net méi mobil genuch si fir hir kleng Hausaarbechten, Reparaturen ze maachen. D'LSAP hat dës Propositionen och an hirem Wahlprogramm stoen.

· D'Hëllef fir d'Leit iwwert 80 Joer, fir de Schnéi um Trottoir ewech ze maachen, géife mir ab 75 Joer ubidden a fir Leit déi net méi mobil sinn.

Här Buergermeeschter, Är Schäfferotserklärung ass e Katalog an deem fir jiddereen eppes dra steet. Et ass en ambitiése Programm, a mir hoffen, dass all déi Projeten awer och an dëser Legislaturperiod realiséiert ginn.

Wéi scho gesot: et sti ganz vill Projeten dran déi mir och an eisem Wahlprogramm stoen hunn. Déi wäerte mir och beim Ëmsetze mat stëmmen.

Mir vermessen awer vill aner Projeten, déi fir *déi gréng* ganz wichteg sinn an dofir stëmme mir net fir d'Schäfferotserklärung, mee mir wäerten eis enthale beim Vote.

*Déi gréng* wäerte jiddefalls an deenen nächste 6 Joer hir Verantwortung huelen. Mir si bereet, fir eng fair a konstruktiv Oppositionsaarbecht ze maachen. Mir hoffen awer och vu Säite vun der Majoritéit op den néidege Respekt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.